Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Den 18ten Oktober huet den Minister Bausch am Kader vun der Question élargie n°161 gesot, dass d'Passagéierzuelen vum RGTR-Reseau aktuell nees um Niveau vu virun der Covid-Pandemie sinn an schwätzt vun Zieleren an den Busser.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Zënter wéini ginn et esou Zieleren an de Busser vum RGTR-Reseau?
2. A wéi villen Busser ginn et solch Zieler?
3. Wéi hunn hir Zuelen zënter hirer Aféierung evoluéiert (opgelëscht no Joer)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten